PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
19 MARS 2019
529

Lëtzebuerg, den 19/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°380 huet den Här Minister eng ausschwénglech Introduktioun zum Thema E-Commerce a *Letzshop* gemaacht. Leider huet hien am Folgenden e puer Froen net zu menger vollster Zefriddenheet beäntwert, soudass eng Rëtsch Onkloerheeten iwwreg bleiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- 1. Opgeschlësselt no "*coûts fixes*" a "*coûts variables*", wat sinn d'Käschte vum der Online Plattform *Letzshop* am aktuelle Geschäftsjoer?
- 2. Ass den Här Minister der Meenung, dass *Letzshop* nom aktuelle Finanzéierungsmodell duerch ëffentlech Bäihëllefen eng deloyal Konkurrenz fir **privat Online-Verkafsplattformen** duerstellt? Falls jo, wéi ass d'Finanzéierung vun der Plattform konform mat den Artikelen 107 bis 109 vum Traité vun der Europäescher Unioun? Falls nee, wéi motivéiert de Minister seng Iwwerzeegung, dass et sech hei net em eng Form vun deloyaler Konkurrenz duerch staatlech Bäihëllef handelt?
  (wann ech gelift mat Jo oder Nee op d'Fro äntweren an dann d'Erklärung)

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député